



CERCLE DES MÉDECINS
ANESTHÉSISTES - RÉANIMATEURS
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Madamm, Monsieur,

De CMARL (Cercle des médecins anesthésistes et réanimateurs du Luxembourg) muss am Interessi vun eisem Berufsstand op verschidden Aussoe betreffend de 4. SAMU, wéi se de CGDIS op ärer Plattform de 24. Juli 2019 duergestallt huet, reagéieren.

- Mir si ganz averstane mat der Mise en Place vun engem 4. SAMU hei zu Lëtzebuerg.
- Anescht wéi duergestallt, si mir net an d'Mise en Place vun dësem 4. SAMU agebonne ginn. Dëst ass een Novum, well di läscht 30 Joer hunn d'Professionell vum Terrain Hand an Hand mat der Administratioun des Services de Secours zesumme geschafft. Den SAMU ass säit senger Schafung an enker Zesummenaarbecht mat den d'Doktere vum SAMU op den héijen Niveau vun Haut bruecht ginn. De CGDIS huet dës Aarbecht iwwerholl, a schéngt elo op eis jorelaang Erfahrung verzichten ze kënnen.
- Et ass keng Analyse vun de SAMU's Asätz säitens dem CGDIS gemaach gi fir den neie 4. Vecteur esou anzesetze wéi et di aktuell Lag verlaangt. Et ass novollzéibar, dass am Zentrum dagsiwwer eng zweet Antenn néideg ass. Dëst wéinst dem Uschwëlle vun der Populatioun während den Aarbechtsstonnen. Dem géigeniwwer ass et onverständlech, dass am Norden an Oste vum Land ausserhalb vun de Fluchzäite vum Helikopter Faartzäiten zum Patient vun deelweis 30 Minutten toleréiert ginn. Firwat hunn déi Noutfäll net di selwecht Importenz wéi déi am Dag an der Stad?
- D'Regulatioun vun dem Helikopter Asaz ass, anescht wéi behaapt, net am Konsens mat de SAMU's Dokteren néi festgeluecht ginn, mee eesäiteg vum CGDIS decidéiert ginn!
- De CMARL huet negativ op d'Direktiven iwwert de 4. SAMU reagéiert. Vun enger Zesummenaarbecht tëscht den Dokteren an dem CGDIS ka keng Riets sinn, vu dass eis Proposen a Kommentaren net consideréiert gi sinn, geschweigen dann iwwerholl goufen.



CERCLE DES MÉDECINS
ANESTHÉSISTES - RÉANIMATEURS
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

- Déi 3 SAMU Basen, Ettelbréck, Esch an Zentrum (CHL a Kierchbierg) si mat Anäthesisten an Infirmier-Anäthesisten aus dëse Spideeler besat. Dës Equippe schaffen am Alldag enk zesummen an feieren déi liewensrettend Gester praktesch dagdeeglech aus. Doduerch hunn se sech eng grouss Routine erschafft a kennen sech am Noutfall an a Stress-Situatioune quasi blann openee verloossen. Vun esou enger Routine ka bei den Equipagë vum 4. SAMU's Vecteur keng Riets sinn, vu dass si net all Dag zesumme schaffen. Zudeem huet eng ganz Rei just nach wéineg bis guer keng Aktivitéit an engem Spidol méi (virun allem d'Infirmier-Anäthesiste vum CGDIS).
- De 4. SAMU gehéiert deemno, wéi déi 3 aner Vecteuren och, an d'Spidol, an net wéi dat vum CGDIS virgesinn ass, aus dem Spidol eraus.
- De CMARL ënnerstëtzt de 4. SAMU! Awer net a Form vun enger externer Equippe déi sech an enger Kasär befënnt, mee ugebonnen un eng Klinik. Esou sinn déi verschidde Vecteuren (SAMU's Auto an Helikopter) nach méi flexibel asetzbar.
- D'Modalitéite vun dësem 4. SAMU an säi Fonctionnement musse mat den Acteure vum Terrain, dat heescht Anäthesisten, Infirmier-Anäthesisten, Spideeler a CGDIS zesummen definéiert ginn.

Déi eesäiteg Duerstellung vum Fonctionnement vum SAMU kënnen a wëlle mir als CMARL net akzeptéieren.

fir de CMARL,

Dr. Jo Tompers

Vice - President

Dr. Laurent Münster

Secrétaire